# Schwätz mat !

## D' Chamber – dat lëtzebuergescht Parlament


© CHD


© CHD

Sproochniveau
**B1/B2**
**LU**

An der Chamber (Chambre des Députés) schaffe 60 Deputéiert. Dat si Politiker*innen, déi bei de Chamberwalen (legislativ Walen) gewielt ginn an déi d'Interesse vun de Wieler a Wielerinne vertrieden. D'Chamber huet e **Gebai um Krautmaart**, niewent dem Palais vum Grand-Duc. D'Deputéiert kontrolléieren d'Regierung a stëmmen de Budget. Si entscheeden och iwwert nei Gesetzer.

Dat leeft esou: All Deputéiert kënne Propose fir nei Gesetzer maachen. Meeschtens mécht awer d'Regierung Propose fir nei Gesetzer. D'Deputéiert diskutéieren déi dann a Kommissiounen, also a klenge Gruppe vu meeschtens 13 Leit. Si lauschtere sech Leit mat Expertise un a schloen Ännerunge fir dat neit Gesetz vir. Am **Plenarsall** dierfen dann all Deputéiert an d'Membere vun der Regierung un d'**Riednerpult**, fir hir Meenung zu der Propos ze soen. Duerno gëtt ofgestëmmt. Stëmmt eng Majoritéit fir d'Propos, da gëtt d Gesetz vun der responsabler Ministesch oder dem responsabele Minister a vum Groussherzog ënnerschriwwen. Wann den Text publizéiert gëtt, trëtt d'Gesetz véier Deeg méi spéit a Kraaft, vun deem Moment u muss sech jiddereen drun halen.

D' Sëtzungen (*séance publique*) vun den Deputéierte kann ee sech ukucken. Chamber TV, de **Sender vum Parlament**, streamt se all-eguer. D'Rapporte vun de Sëtzunge kann een online noliesen. An der Chamber gëtt et och eng Tribün fir de Publique. De Publique däerf awer net stéieren oder matschwätzen.

## Wien däerf wielen?

**aktiivt Walrecht:** du däerfs wielen
**passiivt Walrecht:** du kanns gewielt ginn

- Kräiz un, wat op dech zoutrëfft.

| Viraussetzung | aktiv | ech | passiv | ech |
|---|---|---|---|---|
| Lëtzebuerger Nationalitéit | obligatoresch | | obligatoresch | |
| Um Waldag 18 Joer al sinn | obligatoresch | | obligatoresch | |
| Déi zivil a politesch Rechter hunn* | obligatoresch | | obligatoresch | |
| Resident zu Lëtzebuerg sinn | / | | obligatoresch | |

*bei enger Veruerteelung viru Gericht kann ee säi Walrecht verléieren

**Test dech selwer!**
Setz d'Fotoe bei déi richteg Beschreiwung.


ZpB Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung

www.zpb.lu

Fir Sprooch- a Konversatiounscoursen (ZpB 2025) ISSN 3122-1114

## Wie wielt zu Lëtzebuerg?

*Populatioun (Januar 2023)*




**Total:** 660.809

Quelle: STATEC, 2024

| Alterskategorie | all | Lëtzebuerger*innen |
|---|---|---|
| 0-17 Joer | 125.379 | 67.166 |
| 18-75 Joer | 495.779 | 250.674 |
| 76-100+ Joer | 39.651 | 29.562 |

## Schwätz mat!

- Demokratie staamt aus dem Griicheschen a bedeit „Herrschaft vum Vollek". Am ale Griicheland konnten awer vill Mënschen (Fraen, Sklaven, Kanner) guer net wielen. Wéi gesäit d'Situatioun haut zu Lëtzebuerg aus?
- Wielen ass net déi eenzeg Form vu Partizipatioun an enger Demokratie. Wat fir Méiglechkeeten hues du nach, fir zu Lëtzebuerg matzeschwätzen?

## Wat ass dir wichteg?

**An de Parteie sinn eenzel Theeme méi oder manner staark vertrueden. Firwat? Komm mer maachen een Experiment.**

- Du wiels 5 Theemen aus a méchs e Ranking vun 1 (super wichteg) bis 5 (manner wichteg). Du kanns nach aner Theemen derbäischreiwen.

  - ☐ Educatioun
  - ☐ Aarbecht
  - ☐ Fuerschung
  - ☐ Kannerbetreiung
  - ☐ Gesondheet
  - ☐ Landwirtschaft
  - ☐ Renten
  - ☐ Mobilitéit
  - ☐ Ëmwelt & Klima
  - ☐ Sécherheet

- Maacht elo kleng Gruppen an eenegt iech op 5 gemeinsam Theemen.
  Erkläert, firwat se iech wichteg sinn.
  Kéint dir als Grupp eng Partei grënnen?

**Méi Infoen iwwert d'Chamber?**

ZpB Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung

www.zpb.lu